RTL carte blanche économique du 28.11.2007

(ACA)

L'EGALITE DE TRAITEMENT

An de nächsten Wochen get zu Lëtzebuerg éent vun de wichtegsten Gesetzer gestëmmt waat Zesummenliewen vun Mann a Fra, waat hiir Gleichstellung virun verschiddenen Servicer betrefft.

Ennert des Servicer faalen och déi Servicer an déi Produits déi d'Assureuren ubidden an d'Assurances stinn natiirlech hannert dem evidenten Prinzip vun der Gleichstellung vun de Geschlechter, esou laang déi biologesch Realitéiten keng verschidden Traitementer verlaangen.

Déi europäesch Directive déi dem Projet de loi zu Gronn léit, geseit dann och viir datt éen därf ennerschiddlech tariféieren do wou d'Statistiker en réellen Ennerschéed teschend de Geschlechter beweisen, wei z.Bsp. an der ennerschiddlecher Liewenserwaardung vun Fraën an Männer.

Desen Ennerschéed profitéiert dann och vu Fall zu Fall emol der Frau oder dem Mann.

Déi weiblech Populatioun kritt sou méi avantagéis Konditiounen an der Stiefversecherung, wei z. Bsp. an enger

Restscholdversecherung vum Haus; déi männlech Populatioun dergeint kennt besser eweg bei z. Bsp. enger Renteversecherung, well Tarifer, wéint der manner héicher Liewenserwaardung do méi genschteg sin.

De letzebuerger projet de loi huet deser Optioun Rechnung gedroën, esou wéi eis Nopeschlänner iwregens och, an mir hoffen datt Gesetz dann, wéi d'Directive et virgeséit, nach virum 21. Dezember – daat ass nämlech de Stechdatum wou déi Optioun muss geholl gin – gestëmmt get.

Et get awer och nach eng aaner Gesetzgebung déi schons a Kraaft ass, an zwar vum November 2006 un, des Keier iwert de sougenannten „égalité de traitement" net teschend de Geschlechter, mais teschend Léit vun verschiddenen Hautfuerwen an aus verschiddenen Ethnien oder verschiddenen Rassen (woubei ech perséinlech daat Wuert „Rass" iwerhaapt net ubruet fannen wann éen vu Menschen schwetzt !).

Och dest Gesetzt baséiert op enger europäescher Richtlinn an et get och net déi gerengsten Kritik hei unzebrengen.

Natiirlech därf kéen Ennerschéed am däglechen Liewen gemaach gin teschend Léit vun enger aaner Hautfuerw, och net bei den Assurancen, et ass schon bal choquante ennert civiliséierte Léit et mussen ze préciseieren.

De Problem vum Gesetz vum November 2006 bestéet allerdengs doran datt nach eng 2. Directive déi Gleichstellung

am Beruf – an zwar nëmmen am Beruf – virgeséit teschend verschiddenen Alterskategorien, och transposéiert gouf an zwar ouni Précisioun datt se eenzeg an elleng d'Beruffsliewen betrefft, womat dann och all aaner Servicer, also och d'Assurancen betraff wieren.

Et kann awer elo net sin datt een eelere Här oder Dame déiselwescht Prime bezillt bei enger Liewensversecherung wéi e jonke Mann oder eng jonk Fra.

Wann mer dest Gesetz stricto sensu geifen applizéieren, géif daat just mat sech brengen dat des eeler Léit, well se net gemäss hierem Alter kennen tariféiert gin, iwerhaapt keng Liewensversecherung méi offreiert kréien, genau sou wéi se dann och keng Seniorenreduktioun méi bei dem öffentlechen Transport méi därften kreien, keng méi belleg Entréesbillets am Theater an am Kino, keng méi héich Seuils bei der Steiererklärung.

Do ass also manifestement während der legislativer Prozedur eppes falsch gelaaf, an et muss een hoffen, datt de Gesetzgeber bei der Emsetzung vun der Directive iwert Gleichstellung vun Fra a Mann desen Fehler behiewt!